N° 8339
Entrée le 21.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.09.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am EU-Parlament gëtt aktuell, ënner anerem am Kader vun engem Projet fir eng nei Führerschäinsdirektiv, e Moossnamepak fir méi Verkéierssécherheet diskutéiert, deen ënnert der aktueller Form kéint staark an d'Fräiheets, d'Eegentums- an d' Selbstbestëmmungsrechter vun allen, awer besonnesch vun deenen eeleren, Automobilisten agräifen. Zu dëse Moossnamen zielen ënner anerem d'Vitesslimitt vun 90 Km/h fir Leit, déi de Fürerschäin nei gemaach hunn, en extra Exame fir Autoen iwwer 1800 Kilo, souwéi eng Reduktioun vun de Periode vun der Erneierung vum Fürerschäin.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi steet déi Lëtzebuerger Regierung zu dëse Fuerderungen? Huet si vläicht schonn dozou am Virfeld vun dësen Diskussiounen oder och elo rezent Positioun op europäeschem Niveau geholl?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°8339
Entrée le 23.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8339 vum 21. September 2023 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.**

Den honorabelen Deputéierte stellt sech eng Rei Froen am Zesummenhang mat der neier Führerschäinsdirektive.

Déi vum honorabelen Deputéierten opgefouerten Ännerunge sinn keng Ännerungen déi sech am Dokument befannen wat aktuell am Conseil verhandelt gëtt. Dës Propositioune si Virschléi déi d'Madame Karima Delli, Rapportrice am Europaparlament fir d'Führerschäinsdirektive, gemat huet, déi awer och an dëser Form nach net an der zoustänneger Kommissioun am Europaparlament verhandelt gi sinn.

Och wa sech dës Froen also aktuell op Conseilsniveau net stellen, esou steet Lëtzebuerg der Aféierung vu Vitesselimitatioune fir nei Chaufferen esou wéi der Aféierung vun enger neier Führerschäinskategorie bis 1,8 Tonne ganz kritesch géintiwwer. Och eng Verkierzung vun der Gültegkeet vun de Führerschäiner leent Lëtzebuerg of.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François BAUSCH